



Äntwert vum Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro Nr. 1308 vum 7. Oktober 2024 vun den honorabelen Deputéierten Madame Djuna Bernard an Här Meris Sehovic iwwert d' Aarbechtsklima an der Verwaltung vun der Gemeng Conter

Déi honorabel Deputéiert hu folgend Froe gestallt:

- 1. Wéi ass dem Här Minister seng Vue op des Situatioun ?**
- 2. Sinn den Inneministère oder den Här Minister offiziell iwwert d'Virwërf vum schlechten Aarbechtsklima an der Gemeng Conter informéiert ginn? Ass den Inneministère oder den Här Minister a Kontakt mam Schäfferot?**
- 3. Wa jo, goufe Moosnamen ergraff, fir sécherzestellen, datt d'legal Obligatiounen an der Personalgestioun vun de Gemengenadministratiounen agehale ginn? Wa nee, gedenkt den Här Minister nach an dëser Situatioun ze intervenéieren?**

Äntwert op déi 3 uewen genannten Froen:

An Zwëschenzäit ass den Inneministère vun der Madame Buergermeeschter vun der Gemeng Contern an engem Syndikat kontaktéiert ginn. Eng Entrevue huet matt der Madame Buergermeeschter stattfonnt. Eng weider Entrevue matt dem Collège Échevinal a mam Syndikat wäert an nächster Zäit statt fannen.

- 4. Wéi eng spezifesch Richtlinnen a Recommandatiounen gëtt et fir Gemengenadministratiounen, fir eng gutt Personalgestioun an e gutt Aarbechtsklima ze assuréieren?**

Den Inneminister ass generell der Meenung, dass eng effizient Gestiou vun Gemengepersonal an e positivt Aarbechtsklima essentiel wichteg si fir en optimaalt Fonctionnement vun enger Gemengeverwaltung am Interesse vun hire Bierger ze garantéieren.

An dësem Zesammenhang ass et wichteg ze betounen, datt d'Gesetz dem Inneministère keng Kompetenz fir d'Personalverwaltung vun de Gemengen attribuéiert. Den Artikel 57 vum geännerte Gemengegesetz seet, datt d'Leedung an d'Surveillance vum Personal dem Schäfferot a senger Qualitéit als Chef vun der Verwaltung ënnerläit. Den Artikel 37 vum geännerte Gesetz vum 24. Dezember 1985 leet de generelle Statut vun de Gemeindebeamten fest, deen d'Rechter vum Gemeindebeamten definéiert. Laut deem Artikel kann ee Gemeindebeamten, dee mengt, datt seng Rechter benodeelegt goufen, sech un de Schäfferot wenden. Falls d'Äntwert vum Schäfferot him keng Zefriddenheet bréngt, ass et him fräigestallt, den Inneministère ze kontaktéieren. An esou engem Fall, nodeems den Inneministère d'Gemengenautoritéite gefrot huet, Stellung ze huelen zu de Reprochë vum Gemeindebeamten, mécht den Inneministère eng juristesche Analys vun der Situatioun a schéckt seng Conclusiounen un déi betraffe Parteien.

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden